## Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

# News

## 1.4.2020 Ëmmer méi Lëtzebuerger mussen hir Heemecht verloossen

01 **Apr** *2020*

(comments: 0)

D'Zuel vun den Awunner wiisst weider extrem schnell:

vun 613.900 (2019) op 626.100 (2020)

Trotzdeem verloossen all Joer vill Lëtzebuerger hir Heemecht.

Am Joer 2019 sinn ënnert dem Strëch 1.067 Lëtzebuerger fort gaangen an d'Ausland.

Am ganzen wunnen ronn 70.000 Lëtzebuerger an Ausland.

Zu Lëtzebuerg wunnen 330.000 Lëtzebuerger.

Vun den am ganzen 400.000 Lëtzebuerger op der Welt sinn der 17,5 % déi am Ausland wunnen an 82,5, déi zu Lëtzebuerg wunnen.

---

Wee2050: Zanter dem Referendum 2015 setzen mir eis an fir d'Lëtzebuerger Sprooch a fir en méi luesen a verstännege Wuesstem. www.wee2050.lu

Ënnerstëtzt Lëtzebuerg! Ënnerstëtzt eis!

Mat engem Don: http://wee2050.lu/index.php/spenden.html

Read more … 1.4.2020 Ëmmer méi Lëtzebuerger mussen hir Heemecht verloossen

## 21.3.2020 zesummen fir eist Land

21 **Mar** *2020*

(comments: 0)




zesummen fir eist Land
Haut hunn all Parteien zesummen an der Chamber nei Moossnamen gestëmmt.

Read more … 21.3.2020 zesummen fir eist Land

## 16.3.2020 Bleift doheem! Haalt Ofstand!

16 **Mar** *2020*

(comments: 0)

Bleift doheem!

Wann dir raus musst, dann haalt 2 Meter Ofstand wa méiglech.

Mir sinn nach am Ufank vun enger Lawin vu Krankheetsfäll, déi drot eisen Gesondheetssystem eventuell ze iwwerrullen.

Duerfir ass et wichteg, datt déi Lawin nach uewen am Bierg reduzéiert gëtt. Duerfir, bleift doheem, da kënnt dir iech an är Famill net ustiechen an dir kënnt och keen ustiechen.

Des einfach Moossnam mécht, datt déi Lawin vill, vill méi kleng gëtt. 10 kg manner Schnéi beim Ufank vun der Lawin sinn e puer 100 Tonnen manner am Dall.

Versuergt iech! Bleift gesond a monter!

Read more … 16.3.2020 Bleift doheem! Haalt Ofstand!

## 4.3.2020 ASTI, Handelskummer an Cahen debattéieren iwwer "Integratioun" zu Lëtzebuerg. ...OP FRANSÉISCH!

04 **Mar** *2020*

(comments: 0)

**ASTI, Handelskummer an Cahen**

**debattéieren iwwer “Integratioun”**

**zu Lëtzebuerg.**

**...OP FRANSÉISCH!**

**https://www.asti.lu/%C3%A9v%C3%A8nement/conference-debat-comparaison-des-politiques-integration-dans-les-pays-de-locde-et-au-luxembourg/**

Read more … 4.3.2020 ASTI, Handelskummer an Cahen debattéieren iwwer “Integratioun” zu Lëtzebuerg. ...OP FRANSÉISCH!

## 25.2.2020 Ëremgekroopt: Wat ze héieren an ze liese war iwwert eis Sprooch (1)

25 **Feb** *2020*

(comments: 0)

Wat ze héieren an ze liese war iwwert eis Sprooch

Ëremgekroopt:

Méi kleng a méi grouss Geschichten iwwer eis Sprooch, déi leschten Deeg an der Press:

a) En neie Schäffe vun Déifferdeng schwätzt Franséisch am Gemengen- a Schäfferot.

"Er wurde zu einem, wenn nicht der Einzige, Gemeinderatsmitglied im Bezirk Süden, das sich während der Gemeinderatssitzung zum Teil auf Französisch ausdrückt. „Ich mache das nicht aus Provokation", sagt er. Einfach nur, weil das ihm erlaube, sich besser auszudrücken."

b) Am RTL-Interview schwätzt den Ulrich Wickert iwwert d'Sprooch als Symbol vun nationaler Identitéit.

"Identität ist etwas, was politisch weder links noch rechts ist, sondern was in der Gesellschaft gewachsen ist über die Jahrhunderte. .... und für mich sage, ist als allererstes die Sprache meine Heimat."

c) De Jérôme Lulling seet am Wort datt d'DP net dat mécht wat se versprach hat a seet et kéint ee Lëtzebuergesch zur EU-Sprooch maachen.

"Die EU unterscheidet zwischen Arbeits-, Vertrags- und neuerdings halbamtlichen Sprachen. Letzteren Status könnte man anvisieren, dann hätten wir eine offizielle Anerkennung."

d) Versammlungen vun den Eltererepresentanten op Franséisch.

"„Wir sind eine Multikulti-Truppe“, sagt Alexandra Mausen-Bertemes, Mitglied der RePaM, stolz. Verständigen tut man sich auf Französisch."

e) D'Direktesch vun der securite routière mécht um Radio 100,7 de Geck iwwert déi Leit déi nach Lëtzebuergesch an de Butteker schwätze wëllen.

"wa mer mussen dee berüümte Croissant op Franséisch bestellen, och wann et kee lëtzebuergescht Wuert dofir gëtt a gläichzäiteg am Dirndl zu Hesper um Oktoberfest stinn? Hätte mer net besser, eis op eis direkt Noperen an der Groussregioun anzeloossen, mat deene mer - ob mer wëllen oder net - zesummeliewen, amplaz op de City Winterlights mat der Kap vu Schalke op eise Gromperekichelchen ze pochen?"

f) Ee Journalist vun rtl.lu mécht en onméiglechen Amalgamm tëscht dem Massemord zu Hanau a Franséisch schwätzen zu Lëtzebuerg.

"An e puer Deeg ass dëst nees vergiess an d'Leit reege sech nees iwwer hir alldeeglech Problemer op, zum Beispill hei zu Lëtzebuerg, firwat si am Geschäft "musse" Franséisch schwätzen. Wier et net elo endlech un der Zäit, och am Alldag fir Leit mat aneren Originnen anzetrieden a se ze schütze viru friemefeindlechen a rassistesche Parolen an Doten?"

g) Um Radio 100,7 geet et em Lauter déi verschwannen

"Bei der n-Reegel fält den "n" hannen ewech, wann dat Wuert dono mat engem bestëmmte Laut ufänkt. Ginn et nach aner Lauter, déi beim Schwätze kënnen ewechfalen?"

h) Den däitsche Komiker Ralph Schmitz interesséiert sech fir d'Lëtzebuerger Sprooch

Linken:

https://www.wort.lu/de/lokales/wie-paulo-aguiar-auf-einmal-differdinger-schoeffe-wurde-5e46c726da2cc1784e356351

https://www.rtl.lu/news/national/a/1470043.html

https://www.wort.lu/de/politik/tag-der-muttersprache-von-klein-auf-im-ohr-5e4d2fe7da2cc1784e356838

https://www.tageblatt.lu/headlines/verbindung-zwischen-eltern-und-schule-diese-personen-foerdern-den-dialog-innerhalb-der-schulgemeinschaft-in-mamer/

https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/national-identiteit-froen-iwwer-froen

https://www.rtl.lu/meenung/commentaire/a/1473417.html

https://www.100komma7.lu/article/wessen/wa-lauter-verschwannen-elisiounen-a-kofferwierder

https://www.rtl.lu/tele/de-magazin/v/3196737.html

Read more … 25.2.2020 Ëremgekroopt: Wat ze héieren an ze liese war iwwert eis Sprooch (1)